

COMMUNIQUE DE PRESSE : Fuederungen vun der D'PATIENTE VERTRIEDUNG a.s.b.l. hinsichtlech der Konventioun tescht der CNS an den Psychotherapeuten

D'PATIENTE VERTRIEDUNG a.s.b.l. huet sech virun e puer Wochen mat Vertrieeder vun der FAPSYLUX a.s.b.l. getraff, fir sech mat hinnen iwwert hir Aarbecht, wéi och iwwert hir Usiichten am Kader vun den Verhandlungen iwwert eng Konventioun mat der CNS auszetauschen.

Aus deem Gespréich huet d' PATIENTE VERTRIEDUNG a.s.b.l. folgend Schlussfolgerunge gezun:

- Am Akuten Sektor besteht de Besoin nei Strukturen ze schafen, déi et dem Patient erméiglechen sollen, schnellstméiglech en Charge geholl ze ginn. Des prise en charge soll och en längerfristegen Suivi erméiglechen, sou, dass et zu kengen Behandlungslücken kann kommen.
- Bis dato ginn et Lücken am System an en Patient den schnellstméiglech op Hëllef ugewisen ass, gëtt oft aus enger Urgence heemgeschéckt, wéll einfach d'Kapassitéiten vun den Spideeler net duerginn, fir eng adequat prise en charge ze erméiglechen. Iwwert en gutt ausgebauten Netzwierk an enger Synergie tëscht den Psychiater an den Psychotherapeuten soll hei Ofhëllef geschafft ginn.
- Wann den Patient dann bis am Circuit ass, soll och gewärleistet sinn, dass den Suivi net ënnerbrach gëtt, sprécht den Patient sech net muss matten an engem Traitement un eng aner Persoun, z.B. en Psychiater, wenden fir, dass eng Aschätzung vum Traitement wat den Psychotherapeut bis dato gemaach huet, soll gescheien. Fir des Virgoensweis ze ëmgoen, soll en plan de traitement ausgeschafft gin, den individuell op all Patient zougeschnidde gëtt, awer dobäi natierlech och den allgemengen therapeutischen Standarde entsprécht. Dese Formular gëtt dann vum contrôle médical évaluéiert an am beschte Fall validéiert, sou, dass de Patient ouni Ënnerbrechung senger Therapie kann nogoen.
- Weiders schwätzt d'PATIENTE VERTRIEDUNG a.s.b.l. sech dofir aus, dass Therapieform déi den Patienten soll zugudd kommen, an an där den Therapeut ausgebild ass, soll evidenzbaséiert sinn, an net dem klaseschen Schoulendenken soll oder muss entspriechen.
- Der PATIENTE VERTRIEDUNG a.s.b.l. leit et och um Härz, dass an dei nei Konventioun den "tiers payant" muss mat drageschriwe gin, wéll des Méiglechkeet et villen Patienten erliichtert en Therapeut opzesichen, ouni missen am Virfeld héich Behandlungskäschten virzestrecken.
- Och muss ganz kloer an der Konventioun festgehaale gin, dass ,wann Psychotherapeuten wéilten eng "convenance personnelle" (CP) an Rechnung stellen, dess convenance no strikten Reglen muss gehandhaabt gin an net dierf fir d'Ubidden vun rdvz'en an Rechnung gestallt gin.

Weider Infoen fann Dir enner: www.patientevertriedung.lu